



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°6380 vum 21. Juni 2022 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser an Jeff Engelen

Ad 1) an 2):

Prinzipiell reechen d'Verantwortlecher vun esou Organisatiounen eng Demande fir Policepresenz eran, sief et schrëftlech oder mëndlech, där d'Police nokënnt wann d'Situatioun et erfuerdert.

No Ofsprooch mam Verantwortleche vun der Fronleichnam-Prozessioun zu Maarnech war ausgemaach ginn, dass d'Police hei kee Verkéiersdéngscht géing maachen. D'Police huet fir d'läscht am Joer 2018 e Verkéiersdéngscht am Kader vun der Fronleichnam-Prozessioun zu Maarnech gemaach.

Ee Virfall vu Maarnech deen als geféierlech kéint bezeechent ginn, war onofhängeg vu Policepresenz a war op en onvirsichtegt Behuele beim Eriwwergoe vun enger Strooss zeréck ze féieren.

Ad 3)

D'Artikelen 138 an 162 vum Code de la Route reegelen d'gesetzlech Bestëmmungen déi applicabel si fir Gruppe vu Persounen, autoriséiert Cortègen, Prozessiounen a Marschkolonne vun der Arméi, déi sech op der öffentlecher Strooss deplacéieren.

Hei gëtt festgehalten, dass et deenen opgezielte Kategorien erlaabt ass, sech op der rietser Säit vun der Fuebunn ze beweegen.

Aner Usagere vun der Strooss dierfe just mat där néideger Virsiicht laanscht fueren an op kee Fall sou e Grupp, Cortège, Prozessioun oder Marschkolonn deelen oder schneiden.

Och wann de Code de la Route also keng Ofsécherung duerch d'Police virgesäit, kuckt d'Police am Kader vu senger Obligatioun d'öffentlech Uerdnung a Sécherheet ze assuréieren, prinzipiell ëmmer no Récksprooch mat den Organisateuren, wéi een am beschte fir de sécheren Oflaf vum Evenement ka suergen.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX